



Luxembourg, le 17 mai 2021

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

Concerne : question parlementaire n° 4059 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fred Keup.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch

Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 4059 vum honorabelen Här Deputéierte Fred Keup

Ad 1)

Den Opnamexame gouf 1996 ofgeschaf, fir datt net eng Dagesform vun engem Schüler bei enger eenzeger Epreuve ausschlaggebend wier fir deem seng schoulesch Karriär. Den Opnamexame gouf duerch eng holistesche Approche, en Expertenurteil vun enger Kommissioun an den Dialog mam Schüler a mat den Elteren ersat. Nom selwechte Prinzip gouf elo de leschten Iwwerbleibsel ersat. D'Ziel vun Divergencen huet duerno nach ofgehol, wat d'Sënnhaftegkeet vun der Mesure beleet.

D'Procédure d'orientation fir de Wiessel vun der Grondschoul an de Lycée huet als Ziel, fir all Schüler déi richteg Entscheedung, baséierend op dem Developpement vun senger Kompetenzen an op sengen Aspiratiounen, ze treffen. An deem Zesammenhang fänkt d'Prozedur, déi 2016 iwwer d'Gesetz ugepasst gouf, schon am éischte Joer vum Cycle 4 un a bezitt d'Eltere mat an d'Decisioun an. Am drëtten Trimester vum éischte Joer vum Cycle 4 gëtt den Enseignant als Representant vun der pädagogescher Equipe den Elteren eng éischt Prognos an informéiert si iwwer d'Offer vum Enseignement secondaire. Um Enn vum Cycle 4 fënnt dann de sougenannten Entretien d'orientation statt, wärend deem d'Elteren zesumme mat der pädagogescher Equipe eng Decisioun huelen, wat den zukünftege Wee vum Kand betrëfft.

Dëst Gespréich, genee wéi d'Decisioun fir d'Oriëntatioun vum Kand, baséieren op ënnerschiddlechen Elementer, déi am Artikel 26 vun der *loi modifié du 6 février portant organisation de l'enseignement fondamental* festgehale sinn:

1. D'Aarbechte vum Schüler, déi am Laf vum Cycle 4 zesummekomm sinn an Opschluss iwwert seng Léierfortschrëtt wéi och seng Interessien, Wënsch an Ambitioune ginn;
2. D'Resultater vun de formativen an zertifikativen Evaluatiounsmomenten, déi dem Schüler seng Léierfortschrëtt erëmispigelen;
3. D'Resultater vun den Épreuves communes, déi vum Ministère op nationalem Plang organiséiert ginn. Si weisen, wou de Schüler mat senger Leeschtungen am Verglach zur nationaler Moyenne steet a wéi sech seng Kompetenzen entwéckelt hu par rapport zu de Kompetenzniveauen, déi um Enn vum Cycle 4 sollen erreicht sinn;
4. D'Informatiounen, déi de Psycholog gesammelt huet, wann d'Elteren ëm dës Ënnerstëtzung gebieden hunn.

Dës Elementer erlaben et, ee gudden Iwwerbléck iwwert dem Kand seng Kompetenzentwécklung ze kréien an esou zu enger Decisioun ze kommen, déi am Interêt vun der Weiderentwécklung vum Kand ass. Vu datt sech am Kader vun dëser Prozedur op ënnerschiddlech Elementer baséiert gëtt an d'Decisioun vun all den implizéierte Membere vun der Schoulcommunautéit no enger intensiver Analys vum Schüler senger Kompetenzentwécklung iwwer zwee Joer geholl gëtt, ass d'Akzeptanz vun der Decisioun vun den

Elteren a vun der pädagogescher Equipe am Generelle ganz héich. An de leschte Jore koum et am Schnëtt an 99 % vun de Fäll zu engem Accord.

An deene seelene Fäll, bei deene keen Accord tëscht den Elteren an der pädagogescher Equipe fonnt gëtt, kënn et net zu Épreuves d'accès, mee et gëtt eng Orientéierungskommissioun aberuff, fir zu enger Decisioun ze kommen. De Virsëtz vun dëser Commissioun huet den Direkter vun der Regionaldirektioun. D'Kommissioun setzt sech ausserdeem zesummen aus engem Enseignant aus dem Cycle 4, engem Professor aus dem Secondaire classique, engem Professor oder enger anerer Léierkraaft aus dem Secondaire général an engem Psycholog vum Centre psycho-social et d'accompagnement scolaires (CePAS). D'Eltere vum Schüler, den Enseignant vum Schüler an de Psycholog (falls d'Elteren een ugefrot hunn) ginn an d'Kommissioun invitéiert. Dës Commissioun vun Experten ënnersicht op Basis vun den ënnerschiddlechen Elementer op en Neits d'Decisioun fir d'Orientatioun vum Kand an trëfft dann déi final Entscheidung.

Ad 2)

Et kënn ëmmer erëm zu Wiessle vu Schüler aus der ëffentlecher Schoul an de Privé oder an d'Ausland, oder an déi aner Richtung. Et ass selbstverständlech, datt d'Elteren dobäi hire Choix net musse motivéieren. Dowéinst verfüügt mäin Departement och net iwwer déi gefroten Donnéeën.

Mengem Ministère läit zum aktuellen Zäitpunkt och keng Informatioun doriwwer vir, datt et op Basis vun engem Desaccord bei der Décision d'orientation dozou komm wier, datt Elteren hiert Kand aus dem Lëtzebuerger Schoulsystem erausgeholl hätten.